

## AVIS VUN DER SCHÜLERKONFERENZ (CNEL) IWWERT DE GESETZESPROJET VUM ENSEIGNEMENT SECONDAIRE

D'Lycéesreform, ee Projet, deen eis als Schülerkonferenz scho säit laange Jore beschäftegt, huet duerch de Projet de loi°7074 (PDL) eng nei a wichteg Etapp erreicht. D'CNEL, als national Plattform, déi aus gewielte Verrieder aus de Schülercomitéë vun den 41 lëtzebuergesche Lycéeë besteet, huet schonn, en vue vun dëser Reform, de 5. Juli 2016 den Text Reflexiounen iwwer d'Lycéesreform presentéiert an dem Ministère hir Propose fir d'Reform agereecht.

Aktuell läit den Avis vum Staatsrot vir, an de Projet de loi huet d'Zielgerade erreicht. Trotzdeem si mir als CNEL der Iwwerzeegung, datt d'Schoulen nach net prett si fir sou eng déifgräifend Reform, an een dofir sech nach ee Joer Zäit huele kéint, datt d'Schoulen dës Reform och anstänneg preparéiere kënnen an och hir Expertise dozou dem Ministère zur Verfügung stellen, sou datt et eng Reform gëtt, déi wierklech ausgeräift ass, an net eng, déi iwwer de Knéi gebrach gëtt.

### 1) ENTWÉCKLUNG VUN DE SCHOULEN

Mir als CNEL sinn der Iwwerzeegung, datt d'Iddi vun der Schoulautonomie u sech eng ganz interessant ass, genau sou wéi datt d'Schoule sech de Besoine vun de Schüler upasse sollen. Mee mir gesinn zwee grouss Problemer beim Modell, wéi en aktuell geplangt ass. Mir zweifelen engersäits un, datt d'Qualitéit vun der Formatioun an de Schoulen net vergläichbar bleiwe wäert, an doduerch d'Schüler net am ganze Land déi selwecht Méiglechkeeten hunn. Doriwwer eraus géif sou eng Schoulautonomie, d'Konkurrenzdenken tëscht de Schoule weider verstärken, déi sech dann an Zukunft nach méi ëm gutt Proffen a Schüler streide müssen. Dobäi kënnt nach, datt Schoulen och müssen dee néidege Budget hu fir sech diversifizéieren ze kënnen, sou datt een also net mat der Spuerpolitik an der Educatioun d'äerf weiderfueren.

D'CNEL fënnt, datt de Schüler, déi Persoun ëm déi et bei der Educatioun geet, beim Ausschaffe vum Plan de développement scolaire (PDS) ze wéineg matschwätze kann, esou datt mer eis froen, ob 3 Joer dee richtegen Zäitraum fir sou ee PDS sinn. Eng Léisung kéint sinn, d'Stëmm vun de Schüler am Conseil d'éducation ze stäerken.

Ausserdeem freet d'CNEL sech, ob den nationalen Observatoire iwwert d'Schoulqualitéit, dee kontrolléiere soll, datt d'Qualitéit an de Schoulen d'selwecht héich bleift, an dat a Form vun engem Rapport, deen an der Chamber all 3 Joer presentéiert soll ginn, och wierklech neutral

schaffe wäert, well ee bis haut nach net genee weess, wien an dësem Gremium sëtze wäert. Dofir géif sech d'CNEL freeën, méi Informatiounen iwwert d'Zesummesetze vun dësem Gremium gewuer ze ginn an wann de Ministère dofir suerge géif, dëse Gremium neutral opzestellen.

Duerfir fuerdert d'CNEL datt:

- d'Schüler aus dem Cycle 4.2 sech a méi wéi engem Lycée bewerbe kennen;
- erëm méi Geld an d'Education vun de Schüler investéiert gëtt;
- d'Schüler beim Ausschaffe vum PDS scho gelauschtert ginn, an datt dem Schüler seng Stëmm am Conseil d'éducation, wou de PDS ofgestëmmt gëtt, méi Gewiicht huet;
- den nationalen Observatoire iwwert d'Schoulqualitéit wierklech neutral soll ginn.

## 2) INHALT A BEWÄERTUNG

### Sektioonen am ES

D'CNEL ënnerstëtzt d'Schafe vun engem méi flexibele Kader fir d'Schoulen am Enseignement Secondaire fir déi jeeweileg Sektioonen, fir datt déi sech méi op d'Besoinen vun de Schüler konzentréiere kënnen an op d'Diversitéit vun de Schüler hiren Interessen agoe kënnen. Trotzdeem erkennt d'Schülerkonferenz e puer Schwierigkeeten an der Approche a stellt sech awer och gläichzäiteg e puer Froen.

De Schüler muss sech scho vill éischter am Klore sinn, wat e genau studéiere well, vue datt verschidde Fächer ewechfale kéinten.

Net all Schoul bitt déi selwecht Fächer un, de Schüler ass also gezwongen, d'Schoul ze wiesselen, wann déi Fächer, déi en interesséieren, ewechfalen. Zousätzlech kritt de Schüler Schwierigkeeten, déi passend Schoul mat der richteger Offer ze fannen.

Weiderhi freet sech d'CNEL wéi den Oflaf vun de Premièresexamen ausgesi wäert, vue datt d'Offer vun de Fächer méi grouss gëtt.

D'CNEL stellt sech och d'Fro, wat geschitt, wann e Schüler am drëtte Joer vum PDS duerchfält an déi Fächer, déi hien hat, duerch den neie PDS ewechfalen.

Ausserdeem stellt sech d'Fro, ob den Diplom a verschidde Schoule méi u Wäert gewënnt wéi an anere Schoulen, wéinst der Offer vu verschiddene Schoulfächer.

Weiderhi géing d'CNEL d'Aféierung vum selwechte System fir den Enseignement Secondaire Technique ënnerstëtzen, fir datt och do d'Schoule méi flexibel an der Zesummesetzung vun de Sektioone solle ginn.

### Cycle inférieur am EST

D'CNEL begréisst déi flexibel Organisatioun vun de Klassen am Cycle inférieur, déi et erlaabt, d'Schüler de verschiddene Niveauen zouzedeelen. Mir sinn awer der Meenung, datt de Schüler méi Méiglechkeete gebuede sollte ginn, fir e Changement vum Niveau de base op den Niveau avancé ze maachen.

→ Fir dem Schüler de Changement ze vereinfachen, kéint een de Schüler, déi e Changement maache wëllen, d'Méiglechkeet ginn, den Niveau avancé fir zwou Schoulstonnen ze testen. Esou kënnen si sech besser op den Iwwergang virbereeden. Esou verléieren d'Schüler och net u Motivatioun fir hir Leeschtungen ze verbessern.

Desweidert freet sech d'Schülerkonferenz, wéi wäit déi verschidden Niveauen en Afloss op de Choix vun de Sektione wäerten hunn.

### Engleschcours

D'CNEL stellt fest, datt et an der momentaner Welt ganz wichteg ass, Englesch ze léieren, fir spéiderhin eng Aarbecht ze fannen! Mir stellen eis d'Fro, wisou et esou schwierig ass, fir iwwerall méi fréi mat den Engleschcoursen unzefänken.

→ CNEL proposéiert obligatoresch Engleschcoursen ab 6e / 8e, fir datt och all Schüler de selwechten Niveau huet.

→ Zousätzlech soll een am Régime préparatoire de Schüler och eng Méiglechkeet gi fir e Basiscours am Engleschen ze hunn.

### Lëtzebuergeschunterrecht

D'CNEL bedauert, datt een Unterrecht am Lëtzebuergesch nëmme nach heiansdo op 7e huet!

→ Dowéinst verlaangt d'CNEL en obligatoresch Lëtzebuergeschunterrecht bis 5e / 9e, fir datt d'Schüler e Grondwëssen iwwert déi lëtzebuergesch Sprooch hunn.

### Orientatioun

Eng gutt Orientatioun ass vu grousser Wichtigkeet fir e Schüler, virun allem, well d'Schüler oft net wëssen, wéi en akademesch Wee si aschloe sollen oder wéi e Wee dee passenden ass.

→ Dofir fuerdert d'CNEL bei der Orientatioun vun de Schüler an der Primärschoul:

Eng psychologisch Auswärtung, déi där vum Enseignement secondaire ähnlech ass.

D'Méiglechkeet eng Opnameprüfung ze maachen, wann de Schüler onzefridde mat senger Orientatioun ass.

Eng besser Virbereedung vun de Schüler bezüglech dem Noutesystem vu 60 Punkten ab dem 4. Zyklus vun der Primärschoul, vue datt net déi nämmelecht Aart vun Exame wéi am Lycée besteet, fir hir Kompetenzen ze testen.

#### Orientatioun während dem Cycle inférieur

→ D'CNEL wënscht sech en obligatoresche Stage d'Orientatioun op 4e / 9e, fir d'Orientatioun vun de Schüler méi einfach ze gestalten.

#### Orientatioun am Cycle Supérieur

→ D'CNEL fuerdert, datt d'Schüler op 4e / 9e besser iwwert déi verschidden (néi) Formatiounen informéiert ginn an zum Beispill fir d'Sektioun "D" de Wirtschaftsunterricht presentéiert gëtt, fir datt d'Schüler genau verstinn, ëm wat et op där Sektioun geet.

→ D'Schüler sollen d'Méiglechkeet kréien, méi Stagen ze maachen, fir datt si wëssen, wat se léiere wëllen, dofir sollt een hinnen och déi Méiglechkeet ginn an hinnen dobäi hëllef fir Stagen ze fannen.

→ Fir de Schüler eng besser Virstellung iwwert d'Beruffer ze ginn, proposéiert d'CNEL eng Berufsfoire ze organiséieren, déi nom selwechte Prinzip wéi d'Studentefoire opgebaut ass.

#### Orientatioun fir op d'Uni

Fir den Ofschlossschüler hir Orientatioun op der Uni méi einfach ze gestalten, proposéiert d'CNEL de Schüler ze hëllef fir ee Stage ze fannen, fir datt d'Schüler sech bewusst ginn, wat se genau wëlle studéiere goen.

#### Duebel Korrektur

Fir eng gerecht Atmosphär an de Lycéeën ze schafen, proposéiert d'CNEL

→ d'Aféierung vun der duebeler Korrektur op Ufro vun de Schüler ab dem Cycle supérieur.

Zousätzlech verlaangt d'CNEL datt

→ dëst net vum selwechte Proff oder vum Stagiär, bei deem de Proff Tuteur ass, gemaach gëtt.

→ am Fall wou déi éischt Nott méi héich ass wéi déi vun der duebeler Korrektur, déi éischt Nott gëllt. Sollt déi zweet Nott awer besser sinn, da gëllt d'Moyenne vun dësen zwou.

→ de Schüler bis um Enn vun all Trimester Zäit huet, dëst unzefroen, awer mat enger kloer definierter Prozedur, déi de Regent muss iwwerwaachen an dem Schüler am Ufank vum Joer erkläert hunn.

Zousätzlech freet d'CNEL datt

→ 1ère /13e Schüler eng obligatoresch duebel Korrektur kréien an an hiren Examen nach eng drëtt.

### 3) APPUI AN ENCADREMENT VUN DE SCHÜLER

All Schüler soll d'Recht hunn, säin eegene Wee ze goen an dat ze maache wat hie wëllt. Seng Zukunft soll just hien entscheeden, natierlech mat Hëllef vu qualifizéierte Professionellen.

An deene meeschte Fäll stelle sech keng Problemer bei deene gudde Schüler, déi iwwerall goen an all Sektioon probéiere kënnen. An deem Fall ass et just eng Affaire de Choix. Bei ville leeft dat awer net esou an eng méi grouss Ënnerstëtzung wär noutwendeg. Deene méi schwache Schüler ze hëllefen, soll scho säit dem éischte Joer vun der Lycéescarrière méiglech sinn.

Déi éischt Measure fir de Schüler ze hëllefen, wär déi, si an deene schwache Fächer ze ënnerstëtzen.

→ D'CNEL fuerdert dofir e Cours d'Appui, fir de Schüler an deene Fächer ze hëllefen, wou se Schwierigkeeten hunn. Dëse Cours sollt vun de Proffen aus dem jeeweilege Gebai gehale ginn. Déi zweet Propose wier, datt déi nei Schüler e Parrain kréien, dee si begleet an hinnen hëlleft. Esou e System gëtt et schonn a verschidde Lycéeën, wéi zum Beispill am LBV, de « PeerPal ». Wichteg dobäi ass, datt de Parrain net eleng gelooss gëtt an datt hien Ënnerstëtzung kritt, fir datt hie seng Aarbecht besser maache kann.

→ Déi bescht Schüler fir dës Charge wäer Schüler ab der 11ième an 3ième, well si scho säit engem Joer an deem System vun de Sektione sinn an esou d'Schüler vun enger 9ième a 5ième och wierklech hëllef kënnen. Fir déi méi niddreg Klasse kéinten och Schüler vun enger 10ième, respektiv 4ième mathëllefen.

→ Nach ee wichtege Punkt ass, datt all Parrain eng kleng Formatioun soll kréie fir mat Schüler ëmzegoen an si ze motivéieren. Net jiddereen huet deen Don, mä jidderee soll déi Méiglechkeet kréien, dat bäibuecht ze kréien. Si sollen e puer Methode gewise kréien, wéi ee mat Mënschen ëmgeet. Dës Formatioun soll vum SPOS an der jeeweileger Schoul ugebuede ginn a mir géife grouse Wäert drop leeën, datt all d'SPOS de Parrainen déi nammlecht Wäerter a Flichte géife vermëttelen.

→ Schlussendlech soll de Parrain och mat engem Certificat vum Ministère fir säin Engagement belount ginn.

#### Mediateure fir d'Schüler a Schwierigkeet

Ëmmer méi Schüler brieche hir schoulesch Carrière ouni Ofschloss of, wat natierlech mat ganz ville Problemer an Onsécherheet fir d'Zukunft vun dëse Schüler verbonnen ass. D'CNEL begréisst, datt dës Problematik am aktuelle PDL behandelt gëtt an datt de Ministère sech d'Méi gëtt, Léisunge fir dës Problemer ze fannen. D'CNEL begréisst dofir d'Astellung vun 3 Mediateuren, déi de Schoule solle bei esou Fäll ënnert d'Äerm gräifen.

Well nach net vill iwwert de Profil vun dëse Mediateure public gemaach gouf, erlaabt sech d'CNEL elo well op verschidde Punkten hinzeweisen.

→ Fir kennen hirer Aufgab gerecht ze ginn, ass et laut der CNEL wichteg, datt dës Mediateuren eng speziell Formatioun mussen ofschléissen, fir d'Sensibilitéit vun esou Situatioune richteg novollzéien ze kënnen, fir kënnen mat all den Acteuren neutral an am Interessi vun der Zukunft vum Schüler ze agéieren.

→ Well dës Mediateuren zesumme mat de jeeweilege SPOS-Service mussen schaffen, ass et laut der CNEL wichteg, datt dës Mediateure scho selwer e puer Joren Erfahrung an esou engem ähnleche Service opweisen.

→ Schliesslech freet sech d'CNEL, ob 3 Mediateuren duer ginn, wann ee bedenkt, datt d'Zuel vun de Schoulofbriecher an de leschte Jore geklommen ass, an dat dës 3 Mediateure mat 41 Lycéeën zesumme schaffen mussen.

#### 4) E-SKILLS

E-Skills ass eng Ëmschreiwung fir eng nei Sektoun, déi den Ministère am Numm vun der Schoulreform proposéiert. Dës Sektoun dréit den Numm "information et communication", also ofgekierzt Sektoun 'I'. De But vun dëser Sektoun ass et, de Schüler vum Enseignement classique d'Méiglechkeet ze ginn, sech op eng digital Gesellschaft virzubereeden.

Dës Sektoun baséiert op der Programmation, der informatescher Sécherheet, de Base-donnéeën an der technescher an theoretescher Informatik, der Physik an der Informatik.

Mir als CNEL begréissen d'Initiativ, dem Schüler aus dem Secondaire classique d'Informatik mat deene verschiddene Facettë méi no ze bréngen, a weisen nach eng Kéier op d'Wichtigkeet hin, an eiser moderner Welt richteg op den Aarbechtsmarché virbereet ze ginn. Trotzdeem hu mir e puer Bedenken, respektiv Froe wat dës Sektoun betrëfft.

→ Fir unzefänke géife mir eis iwwer méi genau Informatiounen zu der Sektoun freeën, zum Beispill, wéi eng Fächer genau ugebuede ginn, a wéi ee Koeffizient déi jeeweileg Fächer hunn. Natierlech wier et och interessant ze wëssen, ob den Diplom um Enn vun eisen Etuden op den Unien unerkannt gëtt.

→ Desweideren ass et jo all Schoul selwer iwwerlooss, dës Sektoun unzebidden, woubäi mir als CNEL de Problem gesinn, datt doduerch déi Schoule mat deene gréissere finanzielle Mëttel vun de Schüler kéinte virgezu ginn an doduerch déi méi kleng Schoule manner Zoulaf kéinten hunn.



→ Beim Thema Finanzen froe mir eis zudeem, ob d'Schoulen, déi d'Spektioun I ubidden, zousätzlech finanziell Ënnerstëtzung kréien, well d'Informatik an der Schoul jo permanent misst um neiste Stand sinn.

→ Dofir fuerdert d'CNEL, fir déi betreffend Schoulen, méi finanziell Ënnerstëtzung! Fir datt d'Proffen ëmmer um neiste Stand bleiwen, missten si regelméisseg obligatoresch Formatiounen ugebuede kréien, dofir

→ fuerdert d'CNEL obligatoresch Formatioune fir dës Proffen!

Als läscht froe mir eis, ob et net méi Sënn géif maachen, an all de Sektioenen am Secondaire classique, d'Basis vun der Informatik als Fach anzeféieren, ähnlech wéi am Secondaire technique, aplaz nëmmen eng nei Sektioen an d'Liewen ze ruffen. D'CNEL wëllt nach eng Kéier op d'Wichtigkeet vun den Technologien um Aarbechtsmaart hiweisen.

→ An deem Sënn ënnerstëtzt d'CNEL d'Iddi vum Aféiere vun enger Sektioen I, desweidere fuerdert d'CNEL awer och, datt all d'Sektioenen am Classique sech am technologesche Beräich weiderentwéckelen.

## 5) MODERN SCHOULPROGRAMMER A LÉIERMATERIALIEN

D'CNEL ënnerstëtzt d'Iddi, fir Schoulprogrammer a Léiermaterialien ze moderniséieren, och wann nach e puer Saache verännert musse ginn.

Den nationale Conseil fir Konsequenzen ze iwwerwaachen

D'CNEL begréisst d'Iddi, e Conseil zesummenzestellen, deen de Minister soll beroden, awer mir sinn der Meenung, datt net nëmmen de Minister soll déi 8 Acteure fir de Conseil auswielen. Dofir verlaangt d'CNEL, datt

- méi Acteuren (CNEL, Elteren, Proffen, ACEL,...etc) an dësem Conseil vertruede solle sinn a
- datt dëse Conseil net nëmmen de Minister berode soll, mä awer och eegen Initiative festleeë kann.

### Schoulprogrammer a Léiermaterialien

D'CNEL ënnerstëtzt d'Iddi, fir Schoulprogrammer a Léiermaterialien op e moderne Stand ze setzen.

Haut mussen d'Schüler nach bal alles op der Hand schreiwen, a fir hire Cours gi vill ze vill Blieder verbraucht, déi mat enorme Käschte verbonne sinn. Mir mussen eis mat der Technik weiderentwéckelen an déi multipel Méiglechkeeten ausnotzen.

Trotzdeem ass Handschrëft eng Kompetenz, déi een ënner kengen Ëmstänn verléieren däerf, dofir ass d'CNEL der Meenung

→ et sollt ee fir d'Schüler iwwerall "hybrid Klassen" aféieren, bei deenen een nach mat Pabeier schafft, sech awer mat der Technik weiderentwéckelt, andeems een z.B. bestëmmten Aufgaben digital muss maachen oder Bicher als digital Versioun benotzen.

Aktuell Léiermaterialie kommen oft net aus Lëtzebuerg, sinn also och net un eis Programmer an un eise Schoulsystem ugepasst, duerfir fuerdere mer datt

→ adequat lëtzebuergesch Léiermaterial geschaaft gëtt, wat un eis Schoul ugepasst ass.

Ee weidere Problem hei a Lëtzebuerg ass, datt d'Schüler ze spéit wëssen, wéi eng Bicher si sécher brauchen. Zousätzlech kënnt nach de Problem, datt d'Schüler jee nodeem vill ze laang op hir Bicher waarde mussen, well se bestallt musse ginn.

Dofir fuerdert d'CNEL datt:

- d'Proffen hir zukünfteg Klassen, d'Lëscht mat de genaue Bicher, mat deene si schaffe wëllen, schonn de 15. Juli erausginn. Esou soll verhënnert ginn, datt Schüler Bicher kafen, déi se eventuell net brauchen, oder op déi si immens laang waarde mussen a soumat de Cours an enger Klass fir Woche ka gestéiert ginn.

Doriwwer eraus fuerdert CNEL, datt:

- d'Klassen iwwert déi National Programmer opgekläert ginn an datt d'Proffe sech och drun hale mussen. Soumat soll verhënnert ginn, datt Schüler, obwuel si déi selwecht Klass besichen, een ënnerschiddleche Wëssensstand um Enn vum Joer hunn.

Zu de Schoulprogrammer a Léiermaterialie fuerdert d'CNEL also:

- datt sämtlech Schoulpartner am nationale Programmconseil vertrauede solle sinn, inklusiv d'CNEL selwer;
- d' Aféiere vu "Hybrid-Klassen" am ganze Land;
- d' Erschafe vu lëtzebuergeschem Léiermaterial;
- méi Informatiounen zu de konkrete Schoulprogrammer.

Zousätzlech encouragéiert d'CNEL de Ministère, d'Direktioune souwéi d'Enseignanten, méi participativ Léiermethoden ze entwéckelen, fir de Schüler ee méi interessante Cours unzebidden a fir d'Schüler op hier zukünfteg Aarbecht virzebereeden.

→ Dofir fuerdert d'CNEL d' Aféiere vu méi participative Léiermethoden



## 6) ENG MÉI OPPEN A PARTICIPATIV SCHOUL

### D'Stärkung vum Elterecomité

D'CNEL begréisst d'Visioun vum Ministère, d'Schoul generell méi participativ ze gestalten!

D'Eltere sinn e wichtege Deel vum Schoulliewen a mir si frou, dass si als Acteuren och esou berücksichtegt ginn. Leider ass d'Plus-value vum Engagement vun den Elteren net ëmmer bekannt an dofir gëtt et net ëmmer eescht geholl.

De Verrieder vun de Schülercomitéen ass opgefoll, dass ganz oft den Elterecomité, op Schoulniveau, net ëmmer gutt besicht ass an dat hie ganz oft Schwierigkeiten huet, fir nei Leit ze rekrutéieren.

→ dofir géif d'CNEL proposéieren, eng Sensibiliséierungscampagne ze lancéieren, fir d'Elteren ze informéieren an ze mobiliséieren, sech méi am Lycée vun hire Kanner ze engagéieren

→ den Elterecomité soll och e feste Budget zougesprach kréien, fir Aktivitéite kënnen ze maachen

→ den Engagement soll schoulintern regelméisseg valoriséiert ginn.

Aus Erfahrung weess d'CNEL, dass et net einfach ass, op nationalem Niveau all Stëmm an esou all Schülercomité aus all de Lycéeë gerecht ze ginn. Trotzdeem, duerch seng gerecht Struktur, wou all Schoul d'office vertrueden ass, a sou all Schoul d'selwecht staark ass an dat selwecht Matsproocherecht an den Diskussiounen huet, ass et der CNEL gelongen, e gutt Beispill vun enger demokratescher a representativer Struktur ze sinn.

→ Dofir bedauert d'CNEL, dass den Nationalen Elterecomité net ähnlech opgebaut ass, an dat nëmme 6 Verrieder aus dem Secondaire an dee Gremium gewielt ginn.

→ D'CNEL géif sech awer bei der Wal vun dese 6 Verrieder wënschen, dass de geographesche Volet berücksichtegt gëtt, an dass och et fir eng gerecht Opdeelung vun ES- an EST-Verrieder gesuergt gëtt.

### D'Stëmm vum Schüler soll gestärkt ginn!

D'CNEL begréisst, dass de Ministère d'Schülercomitéen, d'CNEL an d'demokratesch Schoulstruktur am groussen ganze wëllt stäerken, a begréisst, dass all Schoul opgefuerdert gëtt, a sengem PDS "e participative Volet" ze integréieren.

Och wa mir des Initiativ waarmhärzeg begréissen, geet den aktuelle PDL, der CNEL no, net wäit genuch! An der Schoul eng reell demokratesch Schoulkultur ze instauréieren, ass eng grouss Erausforderung. D'Erfaahrung vun der CNEL weist, dass trotz existéierende legale Strukturen, des Strukturen net déi néideg Ënnerstëtzung a Ressourcë kréien, fir richtig ëmgesat ze ginn a vun der Schoulcommunitéit och net ëmmer déi néideg Unerkennung kréien.

→ Dofir fuerdert d'CNEL, datt bei den Direktiounen, de Proffen, den Elteren an och de Schüler selwer eng strategesch an iwwerluechte Sensibiliséierungscampagne zu der "Plus-value" vun enger participativer Schoul duerchgefouert soll ginn. Den Engagement, ënnert anerem vum KD, vum SC a vun der CNEL, soll schoulintern valoriséiert ginn.

### De Begleeder

Op Schouniveau ass d'CNEL besonnesch frou, datt een d'Schülercomitéë wëllt stärke mat der "Mise à disposition" vun engem Sall a vun engem Begleeder, deen de Schülercomité soll op seng wichteg Aufgabe virbereeden a fit maachen.

D'CNEL weist drop hin, datt d'Haaptzil ëmmer soll sinn, d'Schülercomitéë schnellstméiglech autonom an onofhängeg ze maachen, obwuel eis bewosst ass, datt haaptsächlech am Ufank vun engem Mandat et wichteg ass, datt een den Iwwergang vun engem Schülercomité an deen anere virbereet a garantéiert. Ausserdeem huet d'CNEL an de leschte Jore festgestallt, datt ganz oft d'Membere vum Schülercomité eleng gelooss gi bei der Organisatioun vun Aktivitéiten an och bei der Virbereedung vun de verschidde Mandater!

An där Optik fuerdert d'CNEL datt:

→ de Begleeder eng kloer Tâche-Beschreibung soll kréien! D'CNEL, als national Plattform vun all de Schülercomitéen aus dem Land, ass selbstverständlech bereet, d'Besoine vun de Schüler un déi concernéiert Acteure weiderzeginn, fir esou gemeinsam eng ideal Begleetpersoun ze definéieren

→ de Begleeder genuch Stonnen zur Verfügung gestallt kritt, fir seng Tâche kënne seriö duerchzeféieren

→ de Begleeder iwwert Sujeten, Versammlungen an Dagesuerdunge vun de verschiddene Conseilen informéiert gëtt, fir datt hien den SC kann op dës Rendez-vous virbereeden.

→ de Schülercomité d'Méiglechkeet soll kréien, de Begleeder ze wiesselen, falls si net zefridde sinn. Eng aner Propos vun der CNEL wär, datt och de Begleeder regelméisseg wiesselt, fir datt méi Ofwiesslung a méi Motivatioun beim Begleeder garantéiert gëtt.

Niewent der Opfuerderung am PDL vun engem Begleeder an engem Sall, deen dem Schülercomité soll zur Verfügung gestallt ginn, bedauert d'CNEL, datt verschidde fundamental wichteg Elementer an dësem PDL vergiess goufen.

### 1. De Budget a Formatioune vum SC

→ D'Schülercomitéë sollen ALL e minimale Budget vun hirer Schoul zur Verfügung gestallt kréien, fir och kënne Aktivitéiten ze organiséieren. Am Idealfall sollt all SC e Budget kréien, dee prozentual zu der Unzuel vun de Schüler am Lycée gerechent gi soll. Dëse Budget soll d'office dem Schülercomité zur Verfügung gestallt ginn, fir datt den SC esou och wierklech onofhängeg ka sinn.

→ De Budget vum SC soll vum SC verwalt ginn, fir datt si och dëse Léierprozess duerchliewen. D'CNEL ënnersträicht hei och d'Wichtigkeet fir d'Budgetsfro juristesesch ze klären, well dës Fro vun all Lycée aneschters behandelt gëtt. Fir méi Kloeerheet an Transparenz ass et fundamental wichtig, datt dës Fro schnellstméiglech gekläert gëtt.

→ E Mandat am SC oder als KD unzehuelen, heescht net onbedéngt, datt een d'office all Kenntnisser, Methoden a Regele kennt, fir säi Mandater feelerfräi duerchzeféieren. Dofir ass et fir d'CNEL wichtig, datt ee méi Formatiounsméiglechkeete fir den SC, mä awer och fir de Klassendelegéierte virgesäit. D'CNEL wär och hei bereet, hir Verantwortung ze iwwehuelen, a mat Ministèren oder/a mam Zenter fir politesch Bildung (ZpB) zesammenzeschaffen, fir datt dëse Formatiounskatalog och de Besoine vun de Schüler entsprécht.

## 2. Zäit an Unerkennung vun der Aarbecht vum Klassendelegéierten an de Schülercomitéen

→ Fir d'Aufgabe vum KD an dem SC kenne seriö duerchzeféieren a virzebereeden, wär et fir d'CNEL wichtig, datt déi néideg Zäit zur Verfügung gestallt gëtt. De KD soll d'Méiglechkeet kréien, a senger Klasse eppes virstellen an d'Membere vum Schülercomité solle bei wichtigen Aktivitéiten a Versammlunge Fräistonnen zur Verfügung gestallt kréien. An deem Kontext ass et nach eemol wichtig, schoulintern eng Sensibilisierungscampagne ze organiséieren, fir datt den Engagement an déi Zäit, déi di Jonk an hir Mandater stiechen, bei den Direktiounen, Regenten a Schüler eescht geholl an ënnerstëtzt ginn. Den Engagement an déi Zäit, deen dësen an Usproch hält, soll de schoulesche Resultater vun de Jonken net am Wee stoen.

→ Den Engagement vum KD a vum SC soll schoulintern valoriséiert ginn, mat engem obligatoreschen Zertifikat déi d'Schüler Enn des Schouljoers ausgestallt kréien. Ausserdeem géif d'CNEL et begréissen, wann dësen Engagement och méi regelméisseg an der Schoulcommunitéit ugeschwat géif ginn, als gutt Beispill.

→ Fir op eng méi gerecht, demokratesch a participativ Schoulstruktur hinzeschaffen, fuerdert d'CNEL datt d'Gläichgewiicht am "Conseil d'éducation", dee mat ee vun de wichtigste Gremien an enger Schoul ass, garantéiert gëtt an dofir de Proffecomité a Schülercomité dat selwecht Gewiicht solle kréien. Et däerf een net vergiessen, datt dës zwee Comitéen dee gréissten Deel vun der Schoulcommunitéit verrieden a wann een éierlech ass, besteet Schoulcommunitéit esouguer zum gréissten Deel aus Schüler eleng, dofir misst ee mindestens dofir suergen, datt dës zwee Comitéen als gläich wichtig Partner am "Conseil d'éducation" unerkannt solle ginn.

→ D'SC hunn geklot, datt ganz oft d'Direktiounen hir Doleancen oder Demanden net eescht huelen oder einfach verweigeren ouni weider Explikatiounen. Fir d'CNEL ass eng participativ Schoul eng Schoul, wou een d'Acteure vun dëser Participatioun eescht hält an sech Zäit hält fir mat hinnen ze diskutéieren an hinnen ze hëllefen. An deem Sënn sollen d'Direktioune verflucht ginn, den Demanden an Doleancen net nëmmen nozelauschten, mä hinnen och eng konstruktiv Äntwert an engem raisonnablen Zäitraum mat op de Wee ze ginn.

### 3. Wale vum Schülercomité

All 2 Joer sollen d'Wale vum Schülercomité stattfannen. Dës Wale sollen net nëmme Geleeënheet sinn, den SC nei ze wielen, mä si sollen de Schüler d'Notioun vun der Demokratie méi no bréngen. Leider stellt d'CNEL fest, datt déi wéinegst Lycéeën dëse Rendez-vous bäibehalen, an esou eng Rëtsch Generatiounen dëse Léierprozess net duerchféieren. Dës Situatioun beonrouegt d'CNEL a weist, datt villes nach muss gemaach ginn, fir datt an der Schoul eng reell demokratesch Schoulkultur zestane kënt.

→ An engem Joer, wou den SC nei gewielt gëtt, fuerdert d'CNEL, datt déi viregt SC - Memberen d'Méiglechkeet solle kréien, fräigestallt ze ginn, fir perséinlech duerch d'Klassen ze goen an den SC, seng Aufgaben an hir perséinlech Erfahrungs virstellen an ze promovéieren, fir esou de Schüler de Schülercomité méi no ze bréngen.

→ D'CNEL freet sech och, ob et net méi effektiv wär, wann d'Schoule landeswäit am selwechte Joer géifen hir SC-Vertrieder wielen. Da kéint een dës Wale vill méi promovéieren an d'SC an d'CNEL wäeren zäitgläich operationell.

→ D'CNEL géif et och begrëissen, wann d'Elteren an d'Schüler iwwert déi zukünftegt Wal vum SC per Bréif a Kenntnis gesat géife ginn.

### 4. D'Roll vum Klassendelegéierten

Wéi schonn virdrun erlääuert, gesäit déi aktuell Legislatioun ewell verschidden demokratesch Strukture fir d'Schüler an engem Lycée vir: 1) de Schülercomité natierlech, mä awer och 2) de Klassendelegéierten, dee jo vun de Schüler aus enger Klass gewielt gëtt. Leider stellt d'CNEL fest, datt d'Klassendelegéiert vill ze wéineg an den demokratesche Prozess mat agebonne ginn oder, schlëmmer nach, ganz oft ass d'Roll vum Klassendelegéierten hinne selwer, dem Schülercomité an der Schoulcommunität am grouse ganzen iwwerhaapt net bewosst!

→ Dofir fuerdert d'CNEL datt d'Roll an d'Missioun vum Klassendelegéierten definéiert an ausgebaut ginn. D'CNEL huet dëst Thema schonn a sengen Aktivitéite mat de Vertrieder vun de Schülercomitéen thematiséiert an ass selbstverständlech bereet, dës Informatiounen mat de concernéierten Acteuren ze deelen a mat hinne weider ze diskutéieren.

→ Fir eng méi grouss Zesummenaarbecht an e verbesserten Austausch tëschent KD an SC, fuerdert d'CNEL, datt mindestens eng Klassendelegéierten-Versammlung am Trimester während der Schoulzäit stattfanne soll. Dës Versammlung solle vun der Direktioun an esou och vun de Regenten ënnerstëtzt ginn, andeems si hir Delegéierten opfuerderen, un dës Versammlungen deelzehuelen an hir Klass nodréiglech doriwwe ze informéieren.

### CNEL

Datt de Fonctionnement vun der CNEL seng Plaz fonnt huet an dëser neier Reform, begréisst d'CNEL häerzlech a gesäit doranner d'Bestätegung, datt hir Plaz als wichtegen Acteur vun der Educatioun net méi ze beweisen ass. D'CNEL begréisst d'Ënnerstëtzung, déi si an de leschte

Jore kritt huet, ënnert anerem mat dem universitäre Posten, dee si zur Verfügung gestallt krut, wéi och déi rezent finanziell Ënnerstëtzung, déi der CNEL hir Autonomie garantéiert. Duerch dës Bereetschaft, der CNEL ënnert d'Äerm ze gräifen, sinn der CNEL an de leschten 3 Joer vill Ännerungen a Verbesserungge fir d'Stärkung vun de Schülercomitéen a vun der CNEL gelongen. Dës Erfolgsgeschicht ass och nëmmen zestane komm, well d'CNEL niewent hirer Relatioun mat den SC an de leschte Jore regelméisseg mat Acteure vum Ministère, wéi och vum neien ZpB an natierlech vun de jeeweilige Schoulen Hand an Hand zesumme geschafft huet.

Trotz dëser Zesummenaarbecht kann nach viles gemaach ginn!

→ D'CNEL fuerdert dofir eng gemeinsam Plattform, wou all wichtegen Acteur vun der Participatioun an der Schoul gemeinsam Schwéierpunkte géif setzen, fir datt dës vun ALL den Acteure vun dëser Plattform gedroen an ëmgesat musse ginn!

→ D'CNEL fuerdert weiderhin, datt si beim Ausschaffe vun Outilen a Formatioune fir d'KD an d'SC vu Säite vum Ministère, vun den Direktiounen a vum ZpB ënnerstëtzt gëtt.

→ D'CNEL géif sech och freeën, wa si e Sall géif zur Verfügung gestallt kréien, dee gemittlech a grouss genuch wär, fir den SC-Vertrieder en agreabelen Austausch ze erméiglechen.

Fir den Engagement an der CNEL ze stäerken an ze valoriséieren, fuerdert d'CNEL ausserdeem:

→ dat hir Memberen déi néideg Zäit zur Verfügung gestallt kréien, fir bei wichtegen Aktivitéiten/Eventer dobäi ze sinn a sech seriö dorobber virbereede kënnen.

→ datt all hir engagéiert Memberen als Valorisatioun vun hirem Engagement um Enn vum Schouljoer en Zertifikat ausgestallt kréien, dee vum Här Minister perséinlech ënnerschriwwe gëtt.